ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 19/07/2026

Rapport vun der Kultur an Fräizäit Kommissioun

Sëtzung vum 6. Juli 2026

Presenzen

Present	Net present
PINTO Toni	BAUS Ben (entschëllegt)
WETZEL Mike	MEYER Louis (entschëllegt)
WIRTZ Sandra	WOLTER Charles (entschëllegt)
DOEMER Patrick	
CINCIS Patrick	
JENTGES Nicole	
VOSMAN-KIEFER Diane	
KOEPP Laurent	

Punkt 1: Memberen

D'Sandrine Kinnen huet hir Plaz an der Kulturkommissioun un de Laurent Koepp ofginn, deen sech der Kommissioun virgestallt huet.

Punkt 2: Artikelen iwwert d'lokal Geschicht

D'Gemeng huet hir Zoustëmmung zur Initiativ vun der Kulturkommissioun ginn, reegelméisseg Artikelen iwwert d'lokal Geschicht ob Lëtzebuergesch a Franséisch am Buet ze publizéieren. D'Artikele géifen am Numm vun der Kulturkommissioun erschéngen, d'Gemeng iwwerhëlt d'Iwwersetzung an déi redaktionell Iwwerpréiwung. D'Grondlag vun all Artikel soll vun der Kommissioun selwer kommen. Als éischte Schrëtt soll en Beispill-Artikel ausgeschafft ginn, mat der Méiglechkeet d'Publikatioun an der September/Oktober- oder der Dezember-Ausgab vum Buet ze viséieren.

An der Versammlung gouf iwwert méiglech Themen diskutéiert. Als Introduktioun gouf proposéiert mat der Fusioun vun de Gemenge mam neie Wopen a Logo unzefänken, souwéi Ansebuerg mat anzebannen. Weider Theme wieren ënner anerem Häff, Dierfer, Gebailechkeeten, Tumulus, Schlässer a Buergen, d'Simmerschmelz an aner

Helperknapp, 19/07/2026

Industriegebaier, Märjendall, Legenden, Awunnerzuelen a Statistiken, Veräiner déi haut nach existéieren, souwéi Bräich a Traditiounen. No all Artikel soll en Opruff gemaach ginn, fir datt Lieser nach Geschichten, Legenden, Spiechtecher oder aner interessant Texter areeche kënnen. Ausgab soll och e Virwuert vum President mat enger Aféierung enthalen. D'Diane iwwerhëlt d'Redaktioun vum éischten Artikel, deen zugläich als Beispill-Artikel fir d'Konzept déngt.

D'Kommissioun huet 8 Themen ausgeschafft, déi si fir d'Period bis 2029 proposéiert an dem Schäfferot am da Sitzung virstelle wäert.

Punkt 3: Invitatioun vum Schäfferot

D'Gemeng huet d'Kulturkommissioun invitéiert, hir Projete bei enger Sëtzung vum Schäfferot perséinlech virzestellen, wat d'Kommissioun mat Freed ugeholl huet. Nieft dem Transport op kulturell Manifestatiounen an der Organisatioun vun enger Soirée Bénévolat wäert d'Kommissioun bei dëser Geleeënheet och d'Initiativ vun den Artikelen am Buet presentéieren.

Soirée Bénévolat

Fir d'Presentatioun beim Schäfferot schaaft d'Kommissioun e Begleetbréif souwéi en Beispill-Formular aus.

Transport op kulturell Manifestatiounen

D'Kommissioun huet e Konzept fir en Transportservice ausgeschafft, deen eng gezielt Zilgrupp ënnerstëtze soll. D'Detailer zu der Zilgrupp souwéi déi virgeschloen Evenementer wäert d'Kommissioun dem Schäfferot direkt an der Presentatioun erklären.